Newsletter | N° 2
2017

INFO-KAD:
Email: info@kad.lu
Tel: 23 63 97 18
(Lou Anzia-Ney)

Consolatrix Afflictorum, Notre Dame de Fatima, Sainte Claire d'Assise « priez pour nous ! »

Léif Memberen, léif Gäscht,

An sengem Angelus-Gebiet vum 20.7.2014 adresséiert de Popscht Franziskus folgenden Appel un d'Gemeinschaft vun de Gleewegen : « Que le Dieu de la paix crée dans tous un authentique désir de dialogue et de réconciliation. La violence n'est pas conquise par la violence. La violence est conquise par la paix. Prions en silence, demandons la paix pour tout le monde, dans le silence. Marie, Reine de la Paix, priez pour nous ».

« O Mamm, léif Mamm do uewen… » et ass d'Oktavzäit, déi äis Lëtzebuerger all Joers op een neits drun erënnert, wéivill Gehéier bei Gott an duerch hien bei Maria, eiser Virspriecherin, méiglech ass. Kommt, mir loossen äis drop an « dans le silence », an eisem perséinleche Gebiet, an eisem Rousekranzgebiet, an eiser Betruechtung.

Dëst Joer huet d'Oktavzäit fir Lëtzebuerg eng besonnesch Bedeitung. De 7. Mee ginn déi nei Pare virgestallt. An der Oktavmass vun eisem „Dekanat Osper", deen elo ageliddert ass an den Dekanat Miersch, iwwerreecht den Här Erzbëschof den Dekret iwwer eis NEI PAR „Ste Claire d'Assise".

2017 huet Lëtzebuerg och déi grouss Freed, d'Kinnigin vum Rousekranz besonnesch ze éieren. Vum 21.Mee bis den 26. Juni kënnt d'Originalstatue vun der „Notre-Dame" vu Fatima aus Portugal bei äis op Besuch. Op ville Statiounen ueschter d'Land wäert d'Gebiet vun der Chrëschtegemeinschaft, Maria, der Friddensvirspriecherin gëllen. Ulass fir dës Visite ass den 100. Joeresdag vun der éischter Erscheinung vu Maria, virun de Hirdekanner Lucia, Francisco a Jacinta , den 13. Mee 1917, deene si hir dräi „Geheimnisser" uvertraut huet. Wee sech fir déi integral Erscheinungsgeschicht vun der Maria vu Fatima interesséiert, mierkt ganz séier, dass keen Haass, keen Atheismus a kee Kommunismus et bis haut färdeg bruecht hunn, sie vum Troun ze stierzen. Dëst beweist däitlech, dass Millioune Mënschen net fräiwëlleg dem Kommunistesche Manifest vum Karl Marx gleewen , ma éischter dem „Magnificat". Et ass gutt, grad an eiser Zäit, äis nach eng Kéier frësch vertraut ze machen mat dem, wat Maria 1917 a Portugal, an engem deemols ganz widderlechem politischen Emfeld , an de Gang bruecht huet, a wat déi portugiesesch Populatioun hir bis haut net vergësst.

Mir hunn elo am Mee d'Geleeënheet, virun der Statue vu Fatima ze knéien, dëst besonnesch ganz no heiheem, zu BISSEN, vu Méindes, dem 29. Mee bis Mëttwochs, den 31, Mee.Eis asbl „KIERCH am DUERF-Gemeng Useldeng" invitéiert Iech all, matzemachen (Info Programm: méi wäit hannen).

„Die Botschaft von Fatima ist das stärkste Eingreifen Gottes durch Maria in der Geschichte der Kirche und Menschheit seit dem Tod der Apostel" (Popscht Pius XII). Dat läscht Geheimnis gouf de 26. Juni 2000 publizéiert. Wat wéi eng Visioun vun Zerstéierung kléngt, ass a Wierklechkeet eng Visioun vun Hoffnung. D'Mamm vu Jesus weist der Mënschheet ee Wee a gëtt äis Mëttel , dësen ze gouen. „Bouss a Rousekranzgebiet". Et klengt no net genuch, fir de Weltfridden erëm hirzestellen….. awer Bouss géint de Wee vun Haass, vu Feindschaft a vu Krich, ass de Wee zum Fridden. „Mir hunn all d'Gnod, d'Méiglechkeet nei ze entdecken, wéinst eise Verbriechen ze kräischen (Popscht Franziskus 19.11.2015). Dës Gnod ass ee Geschenk vu Barmhäerzegkeet. Mir wëllen et dankbar unhuelen. LN.

Kaffisstuff um Barmhäerzegkeets-Fest

Samschdes den 22. Abrëll 2017 vu 14:00 – 18:00 Auer
am Centre Culturel zu Useldeng

- zu Useldeng am Centre Culturel vu 14 – 18 Auer
- Kaffisstuff (Don'e vu Gebäck si wëllkomm.) Tel: Anny Linster 23 63 91 34
- Bichermaart fir de gudden Zweck
- Kannerfloumaart fir hir eege Spuerkëscht.
  Umeldungen Marianne Harpes Tel: 691 49 47 28
- Sammelaktioune fir Medikamenter, Brëller, Timberen, Plastiksstëpp

Poterstonn zu Réiden am Altersheem

- Donneschtes, den 27.04.2017
- Donneschtes, den 29.06.2017
- Donneschtes, den 31.08.2017
- Wièn wëllt matgeholl ginn, mëllen beim Lou Anzia-Ney. Tel: 23 63 97 18

„Notre Dame de FATIMA"

vum 29. – 31. Mee 2017 zu Bissen
Pilgerprëssioun vun USELDENG op BISSEN Méindes de 29. Mee 2017

Zesumme mat eiser portugiesescher Communautéit gi mir zu Fouss iwwer d'Velospiste Béiwen-Bissen an d'Fatima-Mass op Bissen

- ab 17.15 Auer: Useldeng: Rassemblement beim Centre Culturel.
- 17.30 Auer: Départ vun der Prëssioun laanscht d'Robin op Béiwen
- 18.10 Auer: Béiwen:Uschlossméiglechkeet bei der Kierch
- 19.30 Auer: Bissen:Kierch:Mass mat der portugiesescher Gemeinschaft
- 20.30 Auer: Bissen:Prëssioun ronderëm d'Kierch an uschléissend Agape.

Fir den Heemwee gëllen d'Lignebussen vun Ettelbréck – Richtung Useldeng

- Ligne 510: Arrêt Bissen Kräizung: 21.24 Auer
- Ligne 815: Arrêt: Bissen Kräizung: 22.19 Auer
- Ligne 817: Arrêt: Bissen Kräizung: 22.19 Auer

- Wa méi wéi 20 Leit matfueren, loune mir e Bus fir heem (Präis 2€).

Umeldungen fir d'Prëssioun :
email : info@kad.lu/ Tel : 23 63 97 18 (L.Anzia) Tel: 691 433 849 (C.Philippe)

All déi aner Servicer: e.a. fir Kanner, eeler a krank Leit kënnt Dir um Dépliant noliesen, deen an de Kierche verdeelt gëtt an um www.parverband helpert.lu nozeliesen ass. An dësem Kontext deele mir Iech mat frouem Häerz mat, dass äis eng FATIMA-Statue zur Veréierung geschenkt gouf. Villmols Merci. Dës Statue gëtt geseent an opgestallt an der Kierch zu Useldeng an der Sonndesmass den 21.Mee 2017 um 10.00 Auer.

Meditativen Uergelconcert zu Useldeng an der Kierch „L'orgue dans la liturgie"

Am Kader vun dem Aktioun „Oppe Kierch"
Päischtdag, Sonndes den 4. Juni 2017 um 15.00 Auer

An dësem Kader ass et méiglech, een alternative Päischtnomëtteg fir Frënn vu sakraler Musik, Méditatioun, Patrimoine a chrëschtlechem Zesummesinn an eiser Régioun ze verbréngen:

15.00 Auer: Kierch Useldeng : Uergelconcert :« L'orgue dans la liturgie »
15.30 Auer: Räichel Kapell: Kiercheféierung
16.30 Auer: Randschleid: Willibrodus- Eucharistiefeier beim Buer
17.30 Auer: Randschleid: Kiercheféierung an uschléissend
Owesdësch an der Thillenvogtei. Umeldung um Tel: 26 88 02 78

5. Juni:Rëmmerich: "60 Joer Rochus-Kapell", Mass a Präsenz vum Här Erzbëschof, 10 Auer.

MERCI

Mir sinn dankbar iwwer de Succès vun der oekumenëscher Ausstellung „Pray" an de Besuch vum Här Erzbëschof an eiser Gemeng, bei Geleeënheet vun der Médailleverdeelung un dräi langjähreg engagéiert Chrëschten am Déngscht vun eise Kierchegebäier a-fester. Et waren dat d'Madame Finy Kleer-Schmit vu Rippweiler, d'Madame Olga Thimmesch-Banella vun Useldeng an den Här Jean Schmit vun Iewerleng. Hinnen nach eng Kéier eis Félicitatiounen an eisen häerzleche Merci fir hiert Virbild.

KAD-Kotisatioun 2017

Léif Memberen: Mir wiere frou wann Dir Äer Cotisatioun vun 10 EURO géiwt iwwerweisen op eise Konto Kierch am Duerf- Gemeng Useldeng asbl:
CCRA LU14 0099 7800 0053 7126 bis Enn Abrëll 2017. Merci !

Déi interessant Brochüre „Weltreligionen/Weltfrieden/Weltethos", déi op eng flott an einfach Art a Weis vertraut mecht mat de grousse religiéise Stréimungen op dëser Welt, kann een duerch Iwwerweisung op eise Cpte oder Bezuele vu 5 € , heembruecht kréien.

Don fir THAILAND

Bei Geleeënheet vun der Bëschofsvisite zu Useldéng war den Affer vun der Mass fir d'Ënnerstëtzung beim Bau vun enger Schoul an Thailand (bei Chiang Rai), déi mat Hëllef vu Lëtzebuerger Jugendlechen während hirer Pilgerreess vum 3-9. August 2017 gebaut gëtt. Mir konnten 400€ op de Cpte vun der Fondation Ste. Irmine iwwerweisen.

Vu Mënsch zu Mënsch

Dës Rubrik wëlle mir zoukënfteg op eisem Internetsite www.kad.lu ariichten. Iwwer d'Email-Adresse info@kad.lu ka jidderee jidderengem gratis Hëllef, oder Haushaltswuer déi een doheem zevill huet, ubidden, fir dass Matbierger an Nout, wéi och Flüchtlingsfamillen, déi am Kader vu „Reech eng Hand" vun äis matbetreit ginn, kënnen dervu profitéieren. Dir därft dobäi Äer eegen Tel. resp. email Nummer uginn, oder Iech iwwer eis intern KAD-Vermëttlung (Lou) begleede lossen fir Äer Ufroen no Hëllef ze stellen.

Am Reider am Moment: e puer Koppelen lang wäiss Nylonsridoen gratis ofzeginn. Gesicht gëtt fir eng Asylantin ee klenge Salonsdësch resp. ee klengen TV-Schaf. Fir Info:Tel: 23 63 97 18 (Lou)

Fir wat elo"Paroisse Atertdall - Ste. Claire d'Assise" ?

Léif Frënn, op Äerem läschte Parziedel konnt Dir noliesen, dass mir an eisem Zukunftsbréif fir déi nei Par, den Hl. Franziskus erwielt haten zu eisem Schutzpatroun. Dëst hate mir awer net eleng gemach. 7 vun insgesamt 33 Paren, déi nom 7. Mee nach zu Lëtzebuerg existéiere wäerten, haten dee selwechte Wonsch. Heimat gouf kloer de Wëllen ausgedréckt zu enger neier Kierch an Demut, Barmhäerzegkeet, Dingscht um Mënsch a groussem Respekt virun der Schöpfung, ganz am Sënn och vun eisem heitege Popscht Franziskus. Et sollt awer heiheem net sinn, dass méi wéi eng Par pro Dekanat mat dem selwechte Numm benannt wier, duerfir hu mir an enger extra duerzou aberuffener Versammlung zu Osper, den 29. Mäerz 2017, zesumme mat Delegéierten aus anere fréiere Paren, eestëmmeg d'Hl. Klara vun Assisi zur Schutzpatréinesch vun eiser neier Par auserwielt. Sie war eng Weebegleederin vum Hl. Franziskus, huet de Klouschteruerden vun de Klarissen an domat och de Franziskanerinnen gegrënnt, déi nach ëmmer hei zu Lëtzebuerg (och zu Réiden am heitegen Home St.François d'Assise) täteg sinn. Grad dëst Joer am Oktober feiere mir 100 Joer Präsenz vum Uerden vun de „franciscaines de la miséricorde" zu Réiden. Mir freeën äis drop.

« Prions bien la Sainte Vierge.
Elle peut nous exaucer partout. »
(Saint Curé d'Ars)